Info - Blat

No 20
Juni 2015

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu

Léif Memberen a Frënn vun der Amicale

Et ass erëm esou weit, datt mir iech soen wat eis Aktivitéiten an deene leschte 6 Méint vun dësem Joer woren.

22. Januar 2015 Generalversammlung am Restaurant scolaire

27 Memberen haten dësen Owend fir d'Amicale reservéiert. Dësweidere konnte mir den Här Theo Thill, Direkter vun der Schoul, d'Madame Martine Nies-Berchem, Directrice-adjointe, den Éierendirekter René Tissier, d'Mademe Joëlle Thill, Presidentin vun der Elterevereenegung, d'Häre Fernand Champagne a Jean Weiler, President resp. Secrétaire vun de Loups Blancs an den Här Claude Haeck, President vum Comité Culturel.

Den offiziellen Ordre du jour ass ouni Problem ofgelaf. Duerno, esou wéi an deene leschte Joeren, souze mir beim Buffet froid an "engem" gudde wäisse/roude Wäin, Dessert a Kaffi nach e puer flott Stonnen zesummen. De genëssege Buffet gouf vum "Schoulkach" a senger Equipe preparéiert.

Am Comité si Changementer ze verzeechnen. De Kugener Ralph, laang Joeren Member am Comité, huet seng Demissioun eragereecht. Seng Aarbecht erméiglecht him net méi esou oft present ze sinn. Fir sei Schaffen an all deene Joeren soe mir him Merci.

Nei am Comité sinn:
Jean-Jacques Kohn, Maître de l'Enseignement Technique Privé fir Konstruktiounsmechaniker an eiser Schoul a Jules Weber

De Comité setzt sech aus dëse Memberen zesummen :
Jean-Pierre Unsen, Éierepresident a Member, Alphonse Bressanutti President /Secrétaire, Jean Biever, Vizepresident, Nicolas Laux, Trésorier, Roger Thill Adressefichier/Hompage/Trésorier adj., Tessy Costantini-Conter, Siggy Kirsch, Jean-Jacques Kohn, Luc Ley, Dan Scheid, Laurence Seyler-Moris, Marco Streff, Jules Weber

21. Mäerz 2015 Kleng Porte Ouverte

De Crémant « Cuvée Spéciale 100 Joer LTPEM » ass, esou wéi dat lescht Joer gutt bei de Visiteure ukomm. Schüler déi 20, 30 a nach méi Joeren aus der Schoul sinn, si begeeschter wat alles an der Schoul geännert huet. Dës fréier Schülerin vergësst keng Porte Ouverte. Dem léiwe Klengen war d'Schoul egal. Mee wee weess an e puer Joer.

30. Mäerz 2015 Virtrag iwwert Europa.

Eise fréiere Schüler an Europadeputéierten Georges Bach huet e Virtrag iwwert Europa mat senge Leit a Verkéierspolitik an Europa gehalen. D'Schüler aus dem leschte Schouljoer goufen vun hiren Enseignanten op dës Themen virbereed. Nom Virtrag gouf et eng interessant an dynamesch Diskussioun.

30. Mäerz 2015 Presentatioun vum "Livre Anniversaire".

Den Emile Metz, wat huet dee Mann geschafft? Wéi weit wor hien politesch engagéiert? Wéi al gouf de Mann?

Äntwerten op dës an op vill aner Froen sinn am detailléierten Liewenslaf, zesummegestallt vum Geschichtsprofesser Jean-Marie Majerus, op 18 Säiten am Buch ze fannen.

D'Fondatioun Vve Emile Metz-Tesch. Wéi wichteg war an ass si haut nach fir d'Schoul? Den Här Jean Lamesch, Docteur en Chimie – Physique, beschreift op 36 Säiten d'Entstoen an d'Liewen a gudden an a schwieregen Zäiten vun dëser wichteger Institutioun.

E weideren Artikel vun der Madame Nies-Berchem Martine beschreift d'Entwecklung vum LTPEM an deene lëschten 25 Joer.

Vun der Journée des Anciens den 19. Oktober 2013 sinn eng Unzuel Fotoen mat enger super Gruppefoto vun alle Participanten am Buch.

Sidd dir um 100 Joer-Buch interesséiert, dann iwwerweist 38 € fir Buch a Porto op de Konto 100 Joer Lycée Emile Metz ,
50, rue de Beggen,
L-1220 Luxembourg
CCPL LU59 1111 3105 5356 0000
Mam Vermierk Livre Anniversaire
Gitt wegl. och Num; Virnum a komplett Adress mat un.

14. Abrëll 2015 Visite vum Europaparlament zu Bréissel.

Zu 31 si mir op Bréissel gefuer. Zu Bréissel ukomm goufe mir vun der Madame Maryse Kelsen, eisem fréiere Schüler an Europadeputéierte Georges Bach seng Assistentin, emfaangen. Erklärungen iwwert d'Funktionéiere vum Parlament, Entretien mam Georges Bach mat uschléissender Visite vum Plenarsall. Am Restaurant krute mir e gudde Menu servéiert. Géint 15.00 Auer war den offiziellen Deel verbäi a mir hunn nach 2,5 Stonnen zu Bréissel verbruecht. Am Resumé e vollen Erfolleg.

6. Juni 2015 Grouss Porte Ouverte

Och dëst Joer hat d'Amicale hiren traditionelle Stand opgeriicht. Eisekuchen : super, super plus an turbo.
Ah dir wësst net wéi dës Eisekuchen ausgesinn, da si dir fir dat nächst Joer häerzlech invitéiert. D'Eisekuchen si gutt gaangen, wougéint de frësch gepresste Jus net esou vill gefrot gouf. Trotzdem, et war e flotten Dag, mir hunn "al" Kollegen erëmgesinn a mir hunn eist zu der Publicitéit vun der Schoul bäigedroen.

D'Schouljoer an d'Exame sinn op der leschter Ligne droite.

Mir wënschen alle Schüler eng schéi Réussite an duerno hinnen an hiren Elteren eng wuel verdéngte Vakanz.

Dir léif Membere sidd net vergiess. Och dir sollt iech an deenen nächste Méint gutt erhuelen a wann dir op Wanderschaft sidd, vill Neies bäiléieren.

Léif Memberen!

Informéiert eis w.e.g. iwwert äre Changement d'Adress. Bei all Courrier kréie mir Bréiwer zeréck mat der Remarque, dat déi Persoun net fond gouf. Schued.

Merci.

Hutt dir eng E-Mail-Adresse ? Sot eis se w.e.g.

An Zukunft kritt Dir dann de Courrier op är E-Mail. Domat spuere mer Pabeier, Timberen an Zäit. Dësweideren ass dës Méiglechkeet méi ëmweltfrëndlech.

Eis Adresse: amicale@amicale-ltpem.lu

Merci